fnel scouts & guides

# DixDixDax Special Edition






DIPPECHER DACHSEN
SCOUTEN A GUIDEN
AUS DER GEMENG DIPPECH



**DixDixDax 126**
**Abrëll 2020**



www.dachsen.lu
info@dachsen.lu


Scoutshome J. Norbert Arend
19, rue des Écoles
L-4994 Schouweiler

Redaktioun & Layout:
Cyril Wagener

Korrektur:
Claude Marson

# MOT DU CHEF DE GROUPE

Léif Memberen a Frënn vun den Dippecher Dachsen,

Als Chef de Groupe sinn ech déifstens enttäuscht doriwwer, dass eist Scoutsjoer 2020 duerch déi aktuell Situatioun scho souzesoe fäerdeg ass. Mir hu vun der FNEL kommunizéiert kritt all eis Aktivitéiten ofzesoen.

D'Cheffen, d'Amicale an och de Comité hoffen dass dir awer nach weiderhin och iech oppasst a mir eis esou, soubal sech dat an der Situatioun erëm erlaabt, erëm ze gesinn.

Dofir ass dat heiten eng speziell Editioun vun eiser Zeitung. Mir stellen op Home-Scouting ëm. Et ass net dat selwecht, mee mir wëllen och weiderhin aktiv bleiwen an de Scoutismus um Liewen halen.

Passt op iech op, bleift doheem, a wann dir Hëllef braucht, mëllt iech roueg bei eis.

Lénks Patt,

Momper Vic – CG Dippecher Dachsen

# UPDATE SCOUTSPROGRAMM 2020

**Suite zu der Pressekonferenz vum Educatiounsministère wéilte mir lech gäre matdeelen dass mer eis de Consignen uschléissen an all eis Aktivitéite bis den 31. Juli annuléieren.**

Dat heescht natierlech och, dass de Mowglica an de Pow-Wow ofgesot musse ginn! De Mowglica gëtt op d'Joer 2021 verluecht.

De Nepal-Camp 2020 fält ebenfalls an d'Waasser.

Wéinst den aktuelle Situatiounen an den europäesche Länner ass décidéiert ginn den European Jamboree 2020 a Polen op d'Joer 2021 ze verréckelen.

Opgrond vun der aktueller Situatioun an all deenen Aktivitéiten, déi op 2021 verluecht gi sinn, ass den Entschloss gefall, de Federalcamp a Schweden am Joer 2022 ze maachen.

Et wier ze vill am Joer 2021, wann den EuroJam, Mowglica, Moot an deemno wéi de Nepal-Camp matenee wieren.

Mir hoffen dass d'Situatioun sech bis de Summer iergendwann geluecht huet a mir eis Aktivitéiten erëm ophuelen dierfen.

Soubal mir méi wësse kommen Informatiounen no!

Mir hoffen do op äert Versteesdemech.



# ALLDAGENGAKTIVITÉIT

D'FNEL proposéiert lech all Dag eng Aktivitéit, déi Dir doheem ganz einfach mat äre Kanner kënnt maachen!

Weider Informatioune fannt dir um Site vun der FNEL.



# ALLDAGENGAKTIVITÉIT

Nieft de FNEL-Aktivitéite fir doheem hu sech eis Beaver, Wëllef a Scoutscheffen nach eppes ganz Besonnesches fir dech ausgeduecht…

Du bass virwëtzeg a weess näischt mat der Zäit unzefänken, da kuck mol op eisem Internetsite no a looss dech iwwerraschen!




#HOMESCOUTING
Dippecher Dachsen
BEAVER

**>Challenge - e Floß aus Holz<**
**Waat:**
Deng Cheffen wëllen gesinn ob s du et hinkriss en Flooss aus Holz ze bastelen.
Deng Cheffen hunn dir eng Gebrauchsuweisung geschéckt. Fro roueg fir hëllef. Du kanns Holz
beim spadséieren goen sammelen an doheem dann däin Flooss bauen oder och ennerweh. Denger Kreativitéit sinn keng Grenzen gesat. Vill Spass dobäi an schéck dengen Cheffen Fotoen oder Video oder en gemoolten Bild vun dengem Erliefnes.

Bléif gesond an pass ob dech ob!
Lénks Patt,
Deng Beavercheffen

**Adresse Email:** beaver@dachsen.lu
**Adresse Post:** 19, rue des Ecoles L- 4994



#HOMESCOUTING
Dippecher Dachsen
TRUPP

***Sport***
Wann ee Sport mécht, ass dat ëmmer gutt fir de Kierper a fir d'Gesondheet. Et däerf een awer net iwwerdreiwen, an et soll ëmmer nach Spaass maachen. Bei de Scoute kanns de dës Sportlerbadger kréien, wéi z. B. de Schwëmmerbadge, de Velosbadge, den Athletebadge an den Equipesport-badge.

**>Challenge -ATHLET BADGE<**
**Waat:**
Deng Cheffen ginn dir als Challengen, den ATHLET-BADGE (S.185 am Scoutsbichelchen). E Scout ass sportlesch an spillt emmer Fair. Als Belounung gëtt et en flotten Badge. D'Seiten aus dem Scoutsbichelchen scheken dir deng Cheffen mat. Denger Kreativitéit sinn keng Grenzen gesat beim emsëtzen vun desem Challenge du kans alles mat denger Famill emsëtzen oder eleng. Kräiz déi Saachen un déisde gemach hues fir dësen Badge.

Vill Spass dobäi an schéck dengen Cheffen Fotoen oder Video oder en gemoolten Bild vun dengem Erliefnes.

Bléif gesond an pass ob dech ob!
Lénks Patt,
Deng Truppencheffen

**Adresse Email:** trupp@dachsen.lu
**Adresse Post:** 19, rue des Ecoles L- 4994

Schouweiller - Dippecher Dachsen




#HOMESCOUTING
Dippecher Dachsen
WËLLEF

**>Challenge - Entziffer eis Morse-Noricht<**
**Waat:** Deng Cheffen hunn dir en Bréif geschéckt. Den hunn si an Morseschrëft geschriwwen. Als gudden Wëllefchen kanns du den natierlech entzifferen. Mir hunn dir en Morsealphabet matgeschéckt. Schéckt eis eng Foto, Video oder Bild vun dengem Erliefnes.
Lénks Patt,
Deng Wëllefcherscheffen.

**Adresse Email:** wellef@dachsen.lu
**Adresse Post:** 19, rue des Ecoles L-4994
Schouweiller - Dippecher Dachsen

# ALLDAGENGBA

Dir braucht een, dee mat Ärem Hond geet, Är Kommissioune mécht, oder fir lech an d'Aptikt, op d'Bank oder och nach bei Post geet?

Da mellt lech!


Dir kënnt eis d'ganz Woch per E-Mail erreechen op ba@fnel.lu oder, an der Woch vun 9h bis 17h oder Weekends vun 14h bis 17h, per Telefon um 27 400 496.







# BITZDOHEEM






Mell dech op der Hotline
[27 40 40 14]
an der Woch
vun 9h – 17h

Weider Informatiounen an ee Maskentutorial fannt dir um Site vun der FNEL.









# M.E.R.C.I.

Zu gudder Lescht nach eng Kéier e grousse **Merci** u jiddereen dee sech an dëse schwieregen Zäite weider benevole engagéiert!

Ob beim Bitzprojet, an der Rockhal am CSA, beim Akafe fir eis vulnerabel Matbierger, oder beim Soutien logistique vun der Santé, eis Dachsen sinn iwwerall zuelräich vertrueden an dofir soe mir iech **Merci**!!

# Best of










DIPPECHER ACHSEN
SCOUTEN A GUIDEN
FNEL






ALPINSCHULE
SCUOLA DI ALPINISMO
Black Diamond


DAXORADO 2018


POLSKA


WORLD